01/2020

debulletin

Editorial vum Patrick Remakel
Presentatioun vum « Cahier des charges »

sne/cgfp meets VP
Interview mam Nicolas Thill

« Eis Schoul », eng inklusiv, ëffentlech Schoul
mat Modell-Charakter!

« Lob der Schule » vum Joachim Bauer
Buchtipp vum Vanessa Schetgen

Lëscht 5
sne/cgfp

Élections à la Chambre des fonctionnaires et employés publics mars 2020

sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

ROOM
Luxembourg

Bewegtes Lernen

Flexible Möbel bewegen auch den Kopf

ROOM Luxembourg S.à r.l.
11, Um Lënsterbierg
L-6125 Junglinster

Tel.: 288 00 11
info@room-luxembourg.lu
www.room-luxembourg.lu

Schulmöbel
Bibliotheken
Kindergartenmöbel

Konferenzräume
Büromöbel
Empfangstheken

Raumplanung
Beratung vor Ort
Individuelle Möbel

Sommaire

debulletin
1/2020

02 Editorial vum Patrick Remakel
Presentatioun vum « Cahier des charges »

09 Walen 2020 CHFEP
Eis Kandidaten!

14 Neie Comité central vum sne/cgfp

20 sne/cgfp meets VP
Interview mam Nicolas Thill

34 « Eis Schoul »,
eng Schoul mat Modell-Charakter!

40 « Lob der Schule» vum Joachim Bauer
Buchtipp vum Vanessa Schetgen

Éditorial

Presentatioun vum « Cahier des charges » vum sne/cgfp

Groussen Diskussiouns- an Handlungsbedarf am « Enseignement fondamental »!

Et besteet méi wéi jee groussen Diskussiouns- an Handlungsbedarf am « Enseignement fondamental ». Dat huet den sne/cgfp am Kader vu senge regionale Reuniounen an dem « Meet & Move sne/cgfp Membertour », déi am Oktober an am November 2019 uechtert d'ganzt Land organiséiert goufen, feststelle kënnen. Mir waren an 30 Gemengen ënnerwee fir esou um direkte Wee mat den Enseignantë vum Terrain iwwert hir Doleancen a Problemer ze schwätzen.

Doduerch konnt den sne/cgfp eng detailléiert Bestandsopnam vun der aktueller Situatioun an eise Schoule maachen. Kriticken um aktuelle Schoulsystem si gesammelt an d'Erwaardunge vum Léierpersonal un d'Politik formuléiert ginn.

Eng logesch Konsequenz vun eise Regional-versammlungen a vum « Meet & Move sne/cgfp Membertour » war doropshin d'Opstelle vun engem « Cahier des charges ».

Hei e pur vun eise Fuerderungen. De ganzen Detail vun de Fuerderungen kënnt dir an eisem « Cahier des charges » noliesen.

Encadrement vu Kanner mat spezifeschen edukative Besoinen, respektiv Gesondheetsbesoinen

Dir kënnt lech sécher virstellen, dass den Encadrement vu Kanner mat spezifeschen edukative Besoinen, respektiv Gesondheetsbesoinen an d'Gewalt an der Schoul Haaptsujeten an eisem « Cahier des charges » sinn.
D'Politik muss endlech d'Aen opmaachen an net bei dëse sensibelen Themen ewechkucken.
D'Politik muss endlech bereet sinn, op d'Léierpersonal ze lauschteren an hinnen ze gleewen, wa si verschidde bedenklech Situatiounen aus dem Schoulalldag uprangeren.
Déi responsabel Politiker mussen de Courage hunn, déi néideg Mesuren ze ergräifen an Hëllefen unzebidden, och wann déi e finanziellen Impakt hunn.
Mee näischt um aktuellen Ist-Zoustand ze ännere wéinst finanzielle Bedenken, dat geet op Käschte vu grad dëse Kanner – an dat kann an däerf net sinn.
Et geet elo duer, d'Léierpersonal vis-à-vis vun dëse

Claude Schmit, Gilles Glesener, Patrick Remakel, Vanessa Schetgen

ganz reelle Problemer am Ree stoen ze loossen. Hei elo d'Fuerderunge vum sne/cgfp zu dëse Problematiken:

1. Mir brauchen eng Preventiouns- an Interventiounsstruktur, eng sougenannten « Task force » – an zwar an all Schoul.
D'Situatioun an eise Schoule gëtt ëmmer méi komplex a schwéier, an duerfir fuerdert den sne/cgfp, dass an all Schoul eng Hëllefsstruktur vu Spezialisten (Educateuren, Infirmieren, Assistant-socialen, …) geschafe gëtt.
Dëst Personal kann d'« Prise en charge » vu Kanner mat Verhalensopfällegkeete garantéieren, an dat esouwuel wann et brennt, wéi awer och wann et drëms geet, preventiv mat de Kanner ze schaffen. Esou ka schonn am Virfeld verhënnert ginn, dass eventuell Verhalensopfällegkeeten ausaarten.
Och kann dës Taskforce eng wichteg Roll bei der medezinescher Assistenz vu Kanner spillen, déi e PAI (« Projet d'accueil individualisé ») hunn, dat heescht, déi a bestëmmte Situatiounen eng medezinesch Ënnerstëtzung an Interventioun brauchen.

Dës Preventiouns- an Interventiounsstruktur, sougenannten « Task force » soll asprangen wann et brennt, mee soll och preventiv mat de Kanner schaffen.

Et ass selbstverständlech, dass d'Schoul, also d'Leit vum Terrain, selwer iwwert den Asaz vun dëse Ressourcen decidéiere kann. Si sollen do agesat ginn, wou se gebraucht ginn, an dat am Kader vun der Schoulautonomie am Allgemengen an am Speziellen, wat d'Gestioun vun de Ressourcen ubelaangt.

2. Doriwwer eraus brauch eise Schoulsystem eng substantiell Erhéijung vun der Zuel un I-EBSen, déi aktuell virgesinn ass.
Hir Aarbecht gëtt landeswäit um Terrain begréisst, mee nach vill ze vill Schoule waarden drop, och endlech vun hirer Kompetenz profitéieren ze kënnen.

3. Et muss eng ausräichend Unzuel u gutt qualifizéiertem Personal aus alle Beräicher agestallt gi fir d'ESEBen, d'« Equipes de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques », ze stäerken an d'« Prise en charge » vun dëse Kanner ze verbesseren.
   Déi ëmständlech a laangwiereg Prozedure musse vereinfacht ginn.
   Derniewent brauchen dës Kanner och eng gewësse Stabilitéit, wat d'Personal ubelaangt. Dat permanent Gewiessels an dësen « Equipes de soutien » – esou wéi et elo dacks de Fall ass – huet sécherlech kee positiven Impakt op d'Entwécklung vun dëse Kanner.
   Direkt vun der Aschoulung am Cycle 1 un, muss d'« Prise en charge » vu Kanner mat spezielle Besoinen ufänken, nom Motto: « Mieux vaut prévenir que guérir ». An deem Kontext wär et iwwerdeems wënschenswäert, dass de Sprooch- an Héiertest, de sougenannte « Bilan 30 » obligatoresch géif ginn.

4. Den sne/cgfp insistéiert och drop, dass d'« Centres de compétences » net nëmmen Ariichtunge sinn, wou d'Enseignantë sech ressourcéiere kënnen. Neen, d'« Centres de compétences » an och d'sozio-edukativ Zentre mussen temporär Kanner mat spezifesche Besoinen, mat Verhalensschwieregkeeten oder mat Léierschwieregkeeten ophuele kënnen, an dat dann, wann eng Beschoulung an de reguläre Klassen an der Grondschoul net méi méiglech ass.
   D'Prozedur vun der « Prise en charge » duerch e « Centre de compétences » muss vereinfacht, a bedeitend beschleunegt ginn. D'Kand, dat déi Hëllef brauch, muss hei am Mëttelpunkt vun der Prozedur stoen, net dat strikt Anhale vun administrativen Demarchen.

5. Doriwwer eraus fuerdert den sne/cgfp eng Verbesserung vun der Zesummenaarbecht tëschent de verschiddene Schoulpartner: Schoulen, regional Direktiounen, « Centres de compétences », sozio-edukativ Zentren an ESEBe musse méi séier, besser, a méi effikass, am Sënn vum Kand zesummeschaffen.

6. Wichteg fir den Encadrement vun den EBS-Kanner ass och eng Vereinfachung vun de Prozeduren a vum Fonctionement vun de « Commissions d'inclusion » an der « Commission d'inclusion nationale ».

E Paradigmewiessel ass an dësem Kontext noutwendeg: D'Ënnerstëtzung vum Kand muss Virrang hunn virun de Prozeduren, dat kann een net dacks genuch widderhuelen. Simplification administrative elo!

Attraktivitéit vum Beruff

Zënter Joren hu mir beim Rekrutement fir de Beruff vun der Léierin an dem Schoulmeeschter méi Plaze wéi Kandidaten, déi sech dem Concours stellen.
Dat ass e Fakt, dee sech och 2020 leider net ännere wäert.
Wa sech ëmmer manner Leit fir " deen dach esou schéine Beruff " vun der Léierin oder dem Schoulmeeschter interesséieren, dann heescht dat wuel, dass dee Beruff bei eise jonke Studenten net méi attraktiv ass.
Hei d'Fuerderunge vum sne/cgfp zu dëser Problematik:

1. De Léieroptrag muss nees zur Haaptmissioun vum Enseignant ginn.

2. Déi administrativ Tâchë vum Léierpersonal mussen op de strikte Minimum reduzéiert ginn.
   Dat bedeit de Verzicht op en iwwerdriwwene Formalismus, an dat besonnesch bei der Prozedur fir d'« Prise en charge » vu Kanner mat spezifesche Besoinen. E Paradigmewiessel ass an dësem Kontext noutwendeg: D'Ënnerstëtzung vum Kand muss Virrang hunn virun de Prozeduren, dat kann een net dacks genuch widderhuelen.

3. D'Missioune vun de Regionaldirektioune mussen nei definéiert ginn.
   Den Haaptakzent vun den Interventioune vun den Direktioune muss op der Zesummenaarbecht mat den Enseignantë leien. Si mussen den Enseignanten déi néideg Ënnerstëtzung an eng richteg Hëllef bei Problemer ubidden: Vertrauen an Hëllefsstellung amplaz vun engem iwwerdriwwene Kontrollwan.



A Punkto Contingent muss déi duerchschnëttlech Klassegréisst vu 16 op 15 Schüler erofgesat ginn, an e Korrekturkoeffizient muss agefouert ginn, wann EBS-Kanner an enger Klass sinn.

4. Fir d'Attraktivitéit vum Beruff ze stäerke soll de MENJE, an enker Zesummenaarbecht mat den Enseignantë vum Terrain, eng Rekrutéierungscampagne organiséieren, wou den Akzent op de positiven Image vum Enseignantsberuff geluecht gëtt.

5. Den sne/cgfp verlaangt, dass d'Zouloossungscritèrë vun de Studenten an den Erzéiungswëssenschaften op der Uni Lëtzebuerg ugepasst ginn.
Dobäi muss een awer oppassen, dass gläichzäiteg en héije Qualifikatiounsniveau vum zukünftege Léierpersonal séchergestallt ass.
D'Unzuel vu Studenten op der « Faculté des Lettres, des Sciences humaines, des Arts et des Sciences de l'Education » muss erhéicht ginn. Et ass net ze verstoen, dass an Zäite vu grousser Penurie, d'Uni Lëtzebuerg vu vir eran d'Zuel vun de Studenten, déi si ophuele kann, limitéiert, esouguer wa sech méi Studente géife qualifizéiere wéi si Plazen hunn.

6. Déi aktuell Reforme mussen evaluéiert ginn, fir ze kucken, ob et effektiv zu enger Plus-value, zu Verbesserunge fir d'Kanner an d'Enseignantë komm ass oder net.

7. An Zukunft mussen d'Enseignanten op Master-Niveau rekrutéiert ginn, fir en héije Qualifikatiounsniveau vum zukünftege Léierpersonal ze garantéieren.

Contingent

1. De Berechnungsmodus vum Contingent muss adaptéiert ginn:
Den sne/cgfp fuerdert, dass déi duerchschnëttlech Klassegréisst vu 16 op 15 Schüler erofgesat gëtt.

2. Och a punkto « Indice social » fuerdert den sne/cgfp eng Hausse u Léierpersonal.

3. Sinn EBS-Kanner an enger Klass, muss e Korrekturkoeffizient agefouert ginn, fir dëser zousätzlecher « Prise en charge » an Erausfuerderung Rechnung ze droen.

Remplacementer

D'Ersatzpersonal soll op zwee Niveaue rekrutéiert ginn:
Engersäits solle Surveillantë rekrutéiert ginn, déi fir kuerzfristeg Remplacementer zoustänneg sinn.
E Stage vu 4 Woche soll hei d'Reegel bleiwen.

Anerersäits sollen och Remplaçanten agestallt ginn, déi fir laangfristeg Remplacementer agesat ginn. Hei wär en ausféierleche Stage eng wichteg Mesure.

Programmer, Studiepläng, Promotiounscritèren: Verlängerung vum Cycle, Orientatiounsprozedur

1. Den sne/cgfp fuerdert, dass et muss méiglech sinn, schonn am Laf vum éischte Joer vun engem Cycle, d'Decisioun ze huelen, dass e Schüler de betreffende Cycle verlängere kann.

2. Wat d'Upassung vun de Programmer, d'Iwwerschaffe vun dem « Plan d'études Uni Lëtzebuerg », an d'Redefinitioun vun de Promotiounscritèrë betrëfft, verlaangt den sne/cgfp, dass déi bestoend Programmer op hir wesentlech Kompetenzen an Inhalter hin iwwerpréift, an duerno deementspriechend ugepasst ginn.
Kloer, präzis a méi exigent Promotiounscritèrë mussen definéiert ginn, fir ze evitéieren, dass d'Schüler, déi de gefuerderte Kompetenzniveau net erreecht hunn, awer an den nächste Cycle weiderkommen.

3. D'Orientatiounsprozedur um Enn vum Cycle 4 muss reforméiert ginn.
D'Decisioun vun der Orientatioun muss vun der pedagogescher Equipe geholl ginn. Am Fall wou d'Meenung vun den Elteren net mat den Usiichte vun der « Equipe pédagogique » iwwertenee stëmmt, muss de Schüler sech engem « Examen de recours » stellen.

D'Decisioun vun der Orientatioun muss vun der pedagogescher Equipe geholl ginn. Am Fall wou d'Meenung vun den Elteren net mat den Usiichte vun der « Equipe pédagogique » iwwertenee stëmmt, muss de Schüler sech engem « Examen de recours » stellen.

Formation continue

Wat d'« Formation continue » ubelaangt, fuerdert den sne/cgfp:

1. dass all d'« Formations continues » ugerechent ginn, egal ob et sech ëm eng « prioritaire » oder eng « non-prioritaire » Weiderbildung handelt.
Fir den Enseignant ass all Formatioun prioritär, wa se him bei der Gestioun vu senger Klass, bei der « Prise en charge » vu senge Schüler a beim Schoulhale generell weiderhëlleft. Et kann net sinn, dass de MENJE vun uewen erof dekretéiert, wéi eng Formatioune fir den Enseignant prioritär sinn oder och net.
2. dass all d'Formatiounsstonnen, déi iwwer den obligatoresche Formatiounsvolume vun 48 Stonne pro Referenzperiod erausginn, op déi nächst Referenzperiod iwwerdroe kënne ginn, esou dass keng Stonne verluer ginn.

Dateschutz

Wat den Dateschutz an de Schoulen ugeet, esou muss et an den Ae vum sne/cgfp zu enger harmoniséierter Approche op nationalem Niveau kommen.
De MENJE soll de Schoule standardiséiert Formulairen zur Verfügung stellen, zum Beispill wat d'Autorisatioun fir d'Publikatioun vu Fotoe vun de Kanner oder hiren Aarbechten am Schoulbuet oder um Internetsite vun der Schoul ubelaangt.
Bis ewell ass et esou, dass do d'Schoulen eleng gelooss ginn a jidderee seng eege Britt kache muss.

Fir d'Attraktivitéit vum Beruff ze stäerke soll de MENJE, an enker Zesummenaarbecht mat den Enseignantë vum Terrain, eng Rekrutéierungscampagne organiséieren, wou den Akzent op de positiven Image vum Enseignantsberuff geluecht gëtt.

Kodéieren

Nodeems den Här Minister Meisch seng Vuen iwwert d'Kodéieren an der Grondschoul virgestallt huet, wollte mir awer och kuerz op dee Volet agoen.
Mir wëllen eis den digitale Medie kengesfalls verschléissen a verstinn och, dass eis Welt ëmmer méi digitaliséiert gëtt. Allerdéngs stellt sech d'Fro ab wéi engem Alter een d'Kanner mat dësen neien Technologië konfrontéiere soll. De Projet vum Kodéieren an der Grondschoul ass dann awer en « Alleingang » vum Minister, well mir als Gewerkschaft guer net an d'Ausschaffe vun deem Projet agebonne goufen. Et ass doduerch schwéier fir eis, eng detailléiert Stellungnam ofzeginn, well mir och nëmmen häppercherswéis dem Minister seng Virstellungen an der Press entdecken.
Et schéngt jo, wéi wann d'Kodéiere kee reguläert Schoulfach soll sinn, mee am C4 am Kader vun dem Mathematiksunterrecht an am C2 an C3 transversal soll stattfannen. Och soll d'Kodéieren net vill Zäit an Usprooch huelen, wéi eben esou vill Saachen, déi un d'Schoul erugedroe ginn.
Dofir soll d'Fro erlaabt sinn: Wou huele mir dann op eemol all déi Zäit hier fir all déi « Klengegkeeten » ze enseignéieren? Eng aner Fro, déi sech stellt, ass, ob all Enseignant gezwonge gëtt, eng « Formation continue » am Kodéieren ze maachen.
Mir sinn der Meenung, dass dat, genee wéi bei der Aféierung vum Fach « Vie et Société » (Vieso), op fräiwëlleger Basis geschéie muss.
Gëtt d'Kodéieren, genee esou wéi d'Fach Vieso, elo en integrale Bestanddeel vun der Grondausbildung vum Schoulmeeschter? Ass garantéiert, dass all Schoulen iwwert déi noutwendeg informatesch Infrastruktur verfüge fir d'Kodéieren ze realiséieren?
D'« Instituteurs spécialisés en compétences numériques » (I-CN) ginn Hand an Hand mam Aféiere vum Kodéieren an der Grondschoul. Wéi de Numm et scho seet, sinn d'« Instituteurs spécialisés » och Léierinnen a Schoulmeeschteren, an « à la base » soll e Schoulmeeschter och mat Kanner schaffen. Mir ginn dovun aus, dass de Minister dëse ganz wichtege Prinzip hei uwende wäert.
Mir kënnen d'Noutwendegkeet vun engem «Instituteur spécialisé en compétences numériques» novollzéien, mee seng Plaz muss um Terrain an de Schoule bei de Kanner sinn. Dofir fuerdert den sne/cgfp, dass dës « Instituteurs spécialisés » och eng « Tâche d'enseignement direct » vun 23 Stonne mat Kanner hunn, ouni dass si an de Contingent matagerechent ginn.
Et gëtt scho genuch kontestéiert, dass ëmmer méi Léierinnen a Schoulmeeschteren eng administrativ Tâche hunn oder net méi am Kontakt mat de Kanner an eise Schoule schaffen, dofir sollte mir dee Feeler bei den I-CNen net maachen.
Dëst sinn d'Haaptpunkten aus dem « Cahier des charges » vum sne/cgfp, déi an allen Deeler vum Land an eise Regionalversammlungen an um « Meet & Move sne/cgfp Membertour » un eis erugedroe gi sinn. De ganzen « Cahier des charges » ass bei eis um Site um www.sne.lu

Patrick Remakel
President sne/cgfp

Mir wëllen eis den digitale Medie kengesfalls verschléissen a verstinn och, dass eis Welt ëmmer méi digitaliséiert gëtt. Allerdéngs stellt sech d'Fro ab wéi engem Alter een d'Kanner mat dësen neien Technologië konfrontéiere soll.

Patrick Remakel,
President sne/cgfp

Élections sociales mars 2020

All deng Stëmmen, fir den sne/cgfp nëmmen!

Lëscht 5

Glesener Gilles

Kasel Jean

Remakel Patrick

Schetgen Vanessa

Élections à la Chambre des fonctionnaires et employés publics

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

Glesener Gilles

Instituteur EF depuis 1986 à Mamer – Cycle 3
Membre du Comité d'école de Mamer
Membre élu de la Commission scolaire nationale
Membre de la Chambre des fonctionnaires et employés publics
Membre du Comité exécutif de la CGFP
Secrétaire du sne/cgfp

Votez la liste 5 sne/cgfp!

Kasel Jean

Instituteur EF depuis 1987 à Ettelbruck - Cycle 4
Président du Comité d'école d'Ettelbruck
Membre du Comité fédéral de la CGFP
Secrétaire du sne/cgfp

All deng Stëmmen, fir den sne/cgfp nëmmen!

Remakel Patrick

Instituteur EF depuis 1997 à Hesperange – Cours d'accueil
Président du Comité d'école de Hesperange
Membre élu de la Commission scolaire nationale
Membre de la Chambre des fonctionnaires et employés publics
Membre du Bureau exécutif de la CGFP
Trésorier fédéral de la CGFP
Président du sne/cgfp

Schetgen Vanessa

Institutrice EF depuis 2005 à Hesperange – Cycle 1
Membre Commission nationale de l'École fondamentale (CNEF)
Membre élue de la Commission scolaire nationale
Membre suppléant du Comité fédéral de la CGFP
1ère Vice-présidente du sne/cgfp

Le positionnement du sne/cgfp

Au niveau professionnel

Pour

> le maintien du statut du fonctionnaire pour la carrière de l'instituteur
> la défense des intérêts du personnel enseignant sur le plan professionnel
> la revalorisation sociale et matérielle de la fonction d'instituteur/-trice
> la résorption de la pénurie par du personnel breveté
> le cumul du supplément de traitement et de la majoration d'échelon pour poste à responsabilités particulières
> l'abolition du plafonnement à 500 points indiciaires, prévu dans la loi fixant le régime des traitements et modalités des conditions d'avancement des fonctionnaires de l'état
> l'abolition du système d'appréciation
> le maintien de l'adaptation automatique des traitements et pensions au coût de la vie et leur adaptation régulière au développement général des salaires et revenus
> la défense du régime de pension statutaire
> la création d'un régime de pensions complémentaires
> le redressement des iniquités en matière d'imposition
> une formation universitaire de base allongée pour tous les enseignants « Master »
> une reconnaissance de toutes les formations continues
> une protection plus efficace des enseignants contre les attaques et calomnies
> une valorisation de la voie de préparation de l'ESG

Contre

> le démontage médiatique de la profession
> le démantèlement de l'acquis social du personnel en activité ou en retraite
> toute augmentation de la tâche de l'enseignant
> la suppression de toutes sortes de décharges
> une diminution du traitement initial

Au niveau pédagogique

Pour

> une augmentation de la qualité de l'enseignement
> une meilleure prise en charge des enfants à besoins spécifiques
> une révision du mode de calcul du contingent dans les écoles fondamentales
> une simplification administrative du système de l'éducation nationale
> un renforcement de l'autonomie des écoles et des lycées
> le maintien du modèle participatif de gestion des écoles
> une flexibilisation des réunions de concentration des équipes pédagogiques
> une révision générale du plan d'études
> un débat public au sujet de l'enseignement des langues

Contre

> une immixtion trop dirigiste des autorités scolaires et une paperasserie excessive
> une interprétation restrictive de la liberté pédagogique

Réalisations

> Abolition du mécanisme de rétribution 80-80-90 pendant le stage
> Augmentation du taux horaire de l'indemnisation des leçons supplémentaires
> Relèvement substantiel de l'allocation de repas
> Introduction du compte épargne-temps
> Flexibilisation du service à temps partiel

Neie Comité central

Renouveau beim sne/cgfp

Déi 44 Membere vun der Assemblée des Délégués hunn den 23. Januar 2020 en neie Comité central gewielt. De Comité central vum sne/cgfp huet elo zwee nei Memberen: de Gilles Bley an de Christian Kohnen.

Laurent Berck, 37 Joer

I-EBS, Instituteur spécialisé dans la scolarisation des enfants à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques, Ecole Fondamentale Niederkorn

Gilles Bley, 45 Joer

Enseignant Poste d'appui, Président du Comité d'école, Ecole Fondamentale Limpertsberg

Gilles Glesener, 55 Joer

Enseignant C3, Membre du Comité d'école, Ecole Fondamentale Kinneksbond Mamer, Membre élu de la Commission scolaire nationale

Jean Kasel, 56 Joer

Enseignant C4, Président du Comité d'école, Ecole Fondamentale Ettelbruck

Christian Kohnen, 45 Joer

Enseignant C4, Président du Comité d'école, Ecole Fondamentale Steinfort

Isabelle Loewenstein, 33 Joer

Enseignante C1, Ecole Fondamentale Howald

Ronny Mergen, 44 Joer

Co-Titulaire Team-Teaching C4,
Centre scolaire Parc Housen

Patrick Remakel, 45 Joer

Enseignant Cours d'accueil, Président du Comité d'école,
Ecole Fondamentale Hesperange, Membre élu de la
Commission scolaire nationale, Représentant au CSEN

Claude Ries, 55 Joer

Enseignant C3, Ecole Fondamentale Howald,
Membre élu du Comité CSEE/ETUCE

Vanessa Schetgen, 36 Joer

Enseignante C1, Ecole Fondamentale Howald,
Membre élue de la Commission scolaire nationale

Claude Schmit, 36 Joer

I-DS, Instituteur spécialisé en développement scolaire,
SCRIPT Walferdange

Nicolas Thill, 41 Joer

Enseignant VP « Voie de préparation »,
MLG Grevenmacher, Représentant au CSEN

Jos Vesque, 68 Joer

Enseignant retraité VP « Voie de préparation »,
Lycée technique des arts et métiers

D'Mandater vum « Bureau exécutif » goufen den 28. Januar 2020 nei verdeelt.
De « Bureau Exécutif » vum sne/cgfp setzt sech elo esou zesummen:

- **Patrick Remakel, Président**
- **Vanessa Schetgen, 1ère Vice-Présidente**
- **Nicolas Thill, 2e Vice-Président**
- **Gilles Glesener, Secrétaire général**
- **Jean Kasel, Secrétaire adjoint**
- **Jos Vesque, Trésorier**

« Membres sortants » vum Comité central sinn de Michel Cloos an de Fernand Origer.
De Michel Cloos gouf zum Éierepresident vum sne/cgfp ernannt, an de Fernand Origer zum Éierevizepresident.

Question parlementaire

Question n° 1342 (16.10.2019) de Monsieur le Député, Sven Clement (Piraten), concernant les Centres de compétences

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

Mam Gesetz vum 20 Juli 2018 “portant création de Centres de compétences en psychopédagogie spécialisée en faveur de l’inclusion scolaire” goufen d’Missioune vun 8 *centre de compétences* festgeluecht. Nodeems dës Zentre elo wärend engem éischte Schouljoer Kanner en Charge geholl hunn, wier et gutt, mat Hëllef vun enger Rei Zuelen en éischte Bilan ze zéien.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kanner hunn wärend dem Schouljoer 2018/2019 vun de Centre de compétences profitéiert (opgeschlësselt no Zentrum)?
   Wéi vill vun dëse Kanner sinn iwwert de CDSE aus der regulärer Schoul erausgeholl ginn?
   Wéi vill Kanner hunn hier Rentrée 2019 an engem Centre de compétence gemaach (opgeschlësselt no Zentrum)?
2. Wéi vill Personal gouf am Laf vum Schouljoer 2018/2019 fir d’Centres de compétences rekrutéiert?
   Wéi vill Persoune goufe fir d’Rentrée 2019 rekrutéiert?
3. Wéi eng Diplomer a Qualifikatiounen si gesicht ginn (opgeschlësselt no Unzuel vun de Posten an Zentren)?

Réponse du Ministre

Monsieur Claude Meisch, Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse (18.11.2019) concernant les Centres de compétences

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l’Éducation nationale,
de l’Enfance et de la Jeunesse

Ad 1)

a) Wéi vill Kanner hunn während dem Schouljoer 2018/2019 vun den Centre de compétences profitéiert (opgeschlësselt no Zentrum)

D’Opschlësselung vun de Kanner no Zentre geseit follgendermoossen aus:

Kompetenzzenter	Scolarisation spécialisée	Intervention spécialisée ambulatoire	Total
CL	257	17	274
CDV	0	109	109
CDM	68	14	82
CDI	418	63	481
CTSA	80	80	160
CDSE*	/	/	/
CEJHP*	/	/	/
CDA*	/	/	/

*Mise en place vum Zenter am Laf vum Schouljoer 2018/2019

Mam Gesetz vun den Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée en faveur de l’inclusion scolaire, sinn dräi nei Kompetenzzentre geschafe ginn: Den Zenter fir déi sozio-emotional Entwécklung (CDSE), den Zenter fir Léierschwieregkeeten (CDA) an den Zenter fir héichbegaabte Schüler (CEJHP).

Dës dräi Zentren hunn sech am Laf vum Schouljoer 2018/2019 ugefaang ze etabléieren, sou dass des Zentren hei nach net am Detail mat afiéissen.
Wichteg ass hei nach ze soen, dass nach weider 3.450 Schüler vum Cycle 1 an der Reegelschoul vum Centre de Logopédie suivéiert gi sinn.

b) Wéivill vun dëse Kanner sinn iwwert de CDSE aus der regulärer Schoul erausgeholl ginn?

Am Schouljoer 2018/2019 sinn am Ganze 35 Kanner am Kompetenzzenter CDSE temporar beschoult ginn. Dat op Grond vun de Besoine vum Schüler a fir kënnen e méi intensive Suivi um sozio-emotionalen Niveau ze garantéieren.

c) Wéivill Kanner hunn hier Rentrée 2019 an engem Centre de compétences gemaach (opgeschlësselt no Zentrum)?

Bei der Rentrée 2019 sinn 806 Schüler an enger Klass vun engem Kompetenzzenter beschoult ginn an 503 goufen ambulant an der Reegelschoul vum Zenter encadréiert.

Am Detail :

Kompetenzzenter	Scolarisation spécialisée	Intervention spécialisée ambulatoire	Total
CL	260	17	277
CDV	0	114	114
CDM	68	11	79
CDI	364	24	388
CTSA	80	86	166
CDSE	34	54	88
GEJHP	0	87	87
CDA	0	110	110
Total	806	503	1309

Och 2019 gi ronn 3.000 Schüler am Kader vum Cycle 1 reegelméisseg vum Centre de Logopédie suivéiert.

Ad 2)

a) Wéi vill Personal gouf am Laf vum Schouljoer 2018/2019 fir d'Centres de compétences rekrutéiert?

Am Kalennerjoer 2018 sinn am Ganzen 127,5 Posten équivalent temps plein (ETP) rekrutéiert ginn.

b) Wéi vill Personal gouf fir d'Rentrée 2019 rekrutéiert?

2019 waren et am Ganzen 113,5 Posten équivalent temps plein (ETP).

Ad 3)

Wéi eng Diplomer a Qualifikatiounen si gesicht ginn (opgeschlësselt no Unzuel vun den Posten an Zentren)?

Am Laf vun 2019 goufen 41,5 Posten équivalent temps plein (ETP) um Niveau vum Master (pédagogues, psychologues, professeurs,...), 70 Posten équivalent temps plein (ETP) um Niveau vum Bachelor (instituteurs, éducateurs gradués, orthophonistes, ergothérapeutes, psycho-rééducateurs, infirmiers, ...) an 2 Posten équivalent temps plein (ETP) um Niveau Fin d'études secondaires (éducateurs,...) agestallt.

Kompetenzzenter	Master (A1)	Bachelor (A2)	Fin d'études secondaires (B1)	Total
ATVA	0	2	0	2
CDA	5	6,5	0	11,5
CDI	10	14	0	24
CDM	0	15	0	15
CDSE	7	6	0	13
CDV	7	5	0	12
CEJHP	3	1	0	4
CL	4	16	2	22
CTSA	5,5	4,5	0	10
Total	41,5	70	2	113,5

AVIS
de la Chambre des fonctionnaires et employés publics

Avis (A-3293/20-1) sur le projet de règlement grand-ducal fixant
1. les modalités de fonctionnement des commissions nationales de l'enseignement fondamental et
2. les indemnités de leurs membres

Par dépêche du 12 décembre 2019, Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse a demandé, *"pour le 27 janvier 2019 (sic!) au plus tard"*, l'avis de la Chambre des fonctionnaires et employés publics sur le projet de règlement grand-ducal spécifié à l'intitulé.

Ledit projet, qui est pris en exécution de l'article 7 de la loi du 13 mars 2018 portant sur le développement curriculaire de l'Éducation nationale, a pour objet de déterminer les modalités de fonctionnement des commissions nationales de l'enseignement fondamental et de fixer les indemnités de leurs membres. Il appelle les remarques suivantes de la part de la Chambre des fonctionnaires et employés publics.

Ad préambule

La Chambre prend note qu'on s'est contenté, une fois de plus, de la mention *"L'avis de la Chambre des fonctionnaires et employés publics ayant été demandé"* au préambule du projet de règlement grand-ducal. Cette mention ne correspond pourtant pas aux usages puisque la formule consacrée se lit: *"Vu l'avis de la Chambre (…)"*.
À ce sujet, la Chambre des fonctionnaires et employés publics tient d'ailleurs à rappeler qu'il découle de deux jugements du tribunal administratif, rendus le 12 octobre 2016 et le 24 janvier 2017, que le simple procédé *"de pure forme et stérile"* de solliciter l'avis d'une chambre professionnelle sans l'attendre, ou au moins laisser à celle-ci un délai suffisamment long pour se prononcer, constitue en fait une violation de la loi, alors que la chambre n'est pas effectivement et raisonnablement *"en mesure de finaliser son avis"* et de remplir ainsi une mission lui imposée légalement.

Ad article 1er

L'article 1er du projet de règlement grand-ducal fixe la composition des commissions nationales de l'enseignement fondamental et détermine la procédure de vote au sein de ces commissions. Il est notamment prévu que des membres suppléants assurent le remplacement des membres effectifs empêchés.
La Chambre des fonctionnaires et employés publics constate que, aux termes de l'article en question, *"chaque commission (…) comprend entre cinq et dix membres"* et que *"chaque commission ne peut délibérer valablement qu'en présence de cinq membres effectifs ou suppléants au moins"*. Il découle de ces dispositions que les membres d'une commission composée de cinq membres seulement doivent tous être présents pour qu'elle puisse valablement délibérer, alors que pour une commission qui comprend dix membres, la moitié seulement de ceux-ci doivent être présents. De plus, le texte sous avis ne prévoit pas que le président (ou son remplaçant) doit faire partie des membres présents.
Au vu de ces observations, la Chambre propose de prévoir à l'article 1er, alinéa 3, que *"chaque commission ne peut délibérer valablement que si plus de la moitié des membres, y compris le président ou son remplaçant, sont présents"*.
Selon les informations dont dispose la Chambre des fonctionnaires et employés publics, le système du remplacement des membres effectifs ne fonctionne guère tel que prévu par la loi précitée du 13 mars 2018 et par le projet de règlement grand-ducal sous examen. Les commissions nationales de l'enseignement fondamental ayant entamé leur travail à partir de la rentrée 2018/2019 déjà, il s'est avéré dans la pratique que le remplacement n'est souvent pas faisable si un membre effectif ne sait pas participer à une réunion. En effet, les délais impartis pour informer

un membre suppléant qu'il est appelé à remplacer un membre effectif sont généralement trop courts. Considérant l'emploi du temps souvent chargé des membres des commissions nationales, la Chambre propose d'établir au début de l'année scolaire un calendrier fixant au moins les dates du minimum des réunions requises par le projet sous avis.
Reste à noter que, selon les informations à la disposition de la Chambre, le ministre ayant l'Éducation nationale dans ses attributions n'aurait pas encore formellement procédé jusqu'à ce jour à la nomination de membres suppléants.

Ad article 2

Pour ce qui est de l'article 2, la Chambre des fonctionnaires et employés publics peut se déclarer d'accord avec la fréquence des réunions des commissions nationales de l'enseignement fondamental. En fixant le nombre de réunions à un minimum de deux par trimestre et à un maximum de neuf par année scolaire, les commissions nationales pourront efficacement assurer les missions qui leur sont confiées.
Le premier alinéa de l'article sous rubrique dispose que *"chaque commission se réunit (…) chaque fois que le ministre (…) ou la moitié des membres effectifs ou suppléants le demande"*. La Chambre signale que cette règle ne peut évidemment pas fonctionner dans le cas où une commission serait composée d'un nombre impair de membres, raison pour laquelle elle propose d'écrire que *"chaque commission se réunit (…) chaque fois que le ministre (…) ou plus de la moitié (ou "la majorité") des membres effectifs ou suppléants le demande".*

Ad article 4

L'article 4 permet à un ou plusieurs membres d'une commission nationale de formuler un *"avis séparé"* en cas de désaccord avec l'avis majoritaire adopté par la commission en question. La Chambre estime que cette pratique doit rester l'exception afin que le travail et le poids des commissions ne soient pas compromis.
D'un point de vue formel, il faudra écrire *"joint aux avis et propositions pris (au lieu de "prises") par la commission"* à l'article 4.

Ad article 6

En ce qui concerne les indemnités prévues à l'article 6, la Chambre des fonctionnaires et employés publics est d'avis que la réduction de vingt-cinq pour cent des accessoires de traitement et indemnités versés dans le cadre du fonctionnement des commissions d'examen et d'autres commissions étatiques, introduite par le règlement grand-ducal du 21 juin 2013, n'est plus justifiée au vu de l'amélioration considérable de la santé des finances publiques ces dernières années.

Ad article 7

La Chambre fait remarquer qu'il n'est pas clairement déterminé à l'article 7 si chaque commission doit prendre son propre règlement d'ordre interne ou si un seul règlement doit être élaboré pour l'ensemble des commissions. Dans un souci de sécurité juridique, il faudra clarifier le texte en question.

Ad article 8

Aux termes de l'article 8, *"le présent règlement grand-ducal produit ses effets au 17 septembre 2018".*
Dans un souci de clarté et pour garantir que le règlement soit également applicable au-delà du 17 septembre 2018, la Chambre des fonctionnaires et employés publics recommande d'écrire que celui-ci *"produit ses effets à partir du 17 septembre 2018",* la formule prévue par le projet sous avis pouvant en effet prêter à confusion.
Ensuite, la Chambre fait remarquer que la loi du 13 mars 2018 portant sur le développement curriculaire de l'Éducation nationale est entrée en vigueur le 18 mars 2018 déjà et que les commissions nationales de l'enseignement fondamental fonctionnement depuis la rentrée scolaire 2018/2019 (ce qui est confirmé au commentaire de l'article 8). Elle se demande dès lors pourquoi le gouvernement a attendu jusqu'en décembre 2019 pour mettre le texte sous avis sur le chemin des instances.

Sous la réserve des observations qui précèdent, la Chambre des fonctionnaires et employés publics marque son accord avec le projet de règlement grand-ducal lui soumis pour avis.

(Avis émis conformément aux dispositions de l'article 3, alinéa 2, du règlement d'ordre interne de la Chambre des fonctionnaires et employés publics).

Luxembourg, le 22 janvier 2020.

Le Directeur,	Le Président,
G. Muller	R.Wolff

sne/cgfp meets VP

Eis regional Reunioune mat der « Voie de préparation »

Interview mam Nicolas Thill

Am Februar huet den sne/cgfp regional Reunioune mat den Enseignanten aus der « Voie de préparation de l'enseignement secondaire général » organiséiert fir iwwert déi aktuell Situatioun, nei Entwécklungen a méiglech Verbesserungsméiglechkeeten an dësem Enseignement ze schwätzen.

Firwat huet den sne/cgfp dës Reunioune speziell mat den Enseignanten aus der « Voie de préparation » (VP) organiséiert?

Schonns zënter Jore schafft den sne/cgfp a reegelméissegen Ofstänn e « Cahier de charges » un d'Adress vum MENJE aus, deen de Revendicatioune vun den Acteuren um Terrain Rechnung dréit. Dës Revendicatioune vum Terrain, gesammelt bei de Versammlunge mat Enseignanten, stellen all Kéier d'Basis fir eis gewerkschaftlech Fuerderungen duer. Dobäi war et dem sne/cgfp wichteg, fir regional iwwert d'ganzt Land verdeelt aktiv ze sinn, fir esou vill Doleancë wéi méiglech opzegräifen.
Sou konnt jiddwer Enseignant, egal wou e schafft, en direkten, onkomplizéierte Kontakt mat Vertrieder vum sne/cgfp hunn. Dës Demarche, déi an der EF schonns eng méi laang Traditioun huet, gouf et och elo fir déi éischte Kéier fir d'VP.
Et ass nämlech effektiv esou, dass duerch déi nei Orientatiounsprozedur vum Passage aus der EF an den ES nei Situatiounen entstane sinn, och an der VP.

Wat sinn dann d'Haaptsuerge vun den Enseignanten aus der « Voie de préparation »? Wou dréckt de Schong?

Fir d'éischt ass et wichteg, e klengen Iwwerbléck ze ginn, wéi et zur aktueller Situatioun koum. Statistesch gesi ginn zënter 2016 ëmmer manner Schüler an d'VP orientéiert. Ginn et also elo manner Schüler fir deen « Ordre d'enseignement »? Gëtt en « à long terme » doduerch vläicht souguer iwwerflëssig?
Éischter net! Well d'Zuel vun deene Schüler, déi eng Orientatioun an d'VP kréien an déi keen Cycle 4 ofgeschloss hunn, fält net. Am Géigendeel, déi Zuel klëmmt esouguer, prozentual gesinn. All dës Zuele muss een onbedéngt a Verbindung gesi mat der geännerter Orientatiounsprozedur um Enn vum Cycle 4, bei där d'Elteren e grousst Matsproocherecht zougedeelt kritt hunn. Si orientéieren also um Enn vum Cycle 4 hiert Kand léiwer op eng 7G wéi op eng 7P. An

Nicolas Thill,
Patrick Remakel,
Gilles Glesener,
Jean Kasel

éischt Resultater weisen, dass et landeswäit op der 7G da vill ze vill Echecke ginn. D'Schüler kommen zwar weider duerch de System, well d'« Critères de réussite » am « Cycle inférieur » vum ESG sou si wéi se sinn, mee goufen déi Kanner sënnvoll orientéiert?
Hei si mir bei enger vun den Haaptsuerge vun den Enseignanten aus de « Voie de préparatioun »: Eng Orientatioun op eng Klass 7P gëllt nach vill ze dacks als Echec, als Orientatioun an eng « Voie sans issue ». Natierlech ass et ze verstoen, dass d'Elteren ëmmer dat Bescht fir hiert Kand wëllen, nom Motto: « Mir ginn him d'Chance an enger anerer Klass unzefänken, a wann et dann net geet, kann et jo nach ëmmer op eng Klass aus der VP reorientéiert ginn ». Dëst ass e gesellschaftleche Phänomen, deen ee sécher net nëmmen hei am Land untrëfft.
Leider weist sech awer bei ville Schüler op der 7P, dass grad si déi sinn, déi endlech emol Erfollegserliefnisser brauchen. Eppes, op dat si opbaue kënnen. Eppes, wat hinne weist, dass si eppes kënnen a weiderkommen. Eng Erfarung, déi si dacks an der EF net genuch maache konnten, well si déijéineg waren, déi en « Allongement de cycle » matgemaach hunn, well si déi waren, déi et bis zum Alter vun 12 Joer ni bis an de Cycle 4.2 gepackt hunn, well si déi waren, déi reegelméisseg en anere Programm gemaach hu wéi de Rescht vun hirer Klass. Hei bitt de modulären Opbau vun der VP hinnen endlech eng Chance op deem Niveau unzefänken, wou si mat hirem Wëssen a Kënnen aktuell stinn a -beschtefalls- all Trimester ee Module weider ze kommen. Dëst baut hiert Selbstbewosstsinn an hir Motivatioun erëm op, eppes, wat fir all Mënsch immens wichteg ass, wann ee vu « Lernerfolg » schwätze wëllt. Et wär dohier wënschenswäert, wann d'Eltere bei der Orientatiounsprozedur no dem C4 och déi Schoul géife wielen, déi am beschte bei hiert Kand passt an him « gutt » deet …

Wat kann den sne/cgfp maache fir den Enseignanten ënnert d'Äerm ze gräifen? Wat muss de Ministère änneren?

